

# Vakanz zu Lëtzebuerg

1. Sicht Iech eng flott Destinatioun zu Lëtzebuerg eraus a sammelt Informatiounen doriwwer. Dat kënnt Dir engersäits maachen, andeems Dir selwer op d'Plaz gitt a verschidden Aktivitéiten, Restauranten an/oder Iwwernuechtungsméiglechkeeten ausprobéiert. Anerersäits kënnt Dir Iech awer natierlech och an engem Touristebüro oder um Internet informéieren (z. B. hei <https://www.visitluxembourg.com/en/where-to-go> oder hei <https://play.rtl.lu/shows/lb/vakanz-doheem/episodes?season=season-1-vakanz-doheem>)

2. Maacht e klengen Exposé an der Klass. Orientéiert Iech dofir um Opbau an un de Riedmëttelen hei drënner.

<b>Titel</b> Schreift den Numm vun der Plaz, déi Dir kucke waart.	Meng Visitt zu ...
<b>Aleedung</b>  Erkläert an der Aleedung, wat fir eng Plaz / Géigend Dir erausgesicht hutt, wou déi Plaz läit a firwat Dir grad déi Plaz erausgesicht hutt.	Ech hu mer ... erausgesicht. Dat läit ... Ech hu mer déi Plaz erausgesicht, well ... Ech hu mech decidéiert fir ... Ech hu laang gesicht a mech du fir ... decidéiert. No laanger Recherche ... Ech sinn op dës Iddi komm, well ...
<b>Generell Beschriewung</b>  Erzielt, wat speziell un där Plaz ass, wat fir Attraktiounen et do oder do an der Géigend ginn.  Gitt Rotschléi, wou een do an der Géigend eppes iessen / eppes drénke goe kann.  Gitt och Plazen un, wou een iwwernuechte kann.  Deelt Är Informatiounen zu Öffnungszäiten / Präisser / Visitten.  Preziséiert, ob et flott ass, fir mat Kanner dohinner ze goen, ob et behënnertegerecht ass oder ob Hënn erlaabt sinn.	Speziell un där Plaz ass ... Do/An där Géigend ginn et e puer flott Attraktiounen, nämlech ... D'Regioun bitt e puer interessant Geleeënheeten, fir eppes iessen oder drénken ze goen. Et kann een zum Beispill ... Ze recommandéieren ass och ... Wat d'Iwwernuechtungsméiglechkeeten ubelaangt, sou gëtt et do souwuel ... wéi och... Wat d'Präisser betrëfft ... Als Budget muss een ... virgesinn. Wat Visitten ubelaangt, ... Et ass (net) accessibel mat enger Poussette / engem Rollstull / ... Et ass speziell ageriicht fir Leit mat ... Et ass dat Richtegt, wann een ... sicht.

<p><b>Detailléiert Beschriewung</b></p> <p>Gitt eng detailléiert / perséinlech Beschriewung vun der Plaz / vun der Géigend.</p> <p>Beschreift e puer Aspekter am Detail.</p>	<p><b>Ech war selwer schonn do.</b></p> <p>Ech sinn ... bliwwen.</p> <p>Ech hunn ... iwwernuecht.</p> <p>Während mengem Openthalt hunn ech ...</p> <p>Speziell gutt gefall huet mir ...</p> <p>Dat ass wichteg fir mech, well ...</p> <p>Ech kann ... recommandéieren, well ...</p>	<p><b>Ech war selwer nach net do.</b></p> <p>Ech hu geplangt fir ... dohinner ze goen.</p> <p>Op der Internetsäit vun ... gesäit een ... Dat gefällt mir besonnesch gutt.</p> <p>Dat wëll ech onbedéngt probéieren/gesinn.</p> <p>Ech ka mer virstellen, datt ...</p>
<p><b>Schluss</b></p>	<p>Zum Schluss wëll ech soen, datt ...</p> <p>Ech kann déi Destinatioun nëmme recommandéieren, well ...</p> <p>Nach ee kleng Rot: ...</p> <p>Merci fir Är Opmierksamkeet / Merci fir d'Nolauschteren</p> <p>Hutt Dir nach Froen?</p>	